N°350
Entrée le 19.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

2022 hate mir eis bei der viregter Regierung iwwert d'Fäll informéiert, wou d'Leit Bréiwer vun der Adem net kritt hunn an doropshi sanktionéiert gi sinn, well se zum Beispill ee Rendez-vous verpasst hunn (Froen n°5415 a 5551). Eng Réi vu Leit leeën dee Moment Recours bei der Adem an. D'ADEM huet 36% (am Joer 2020) respektiv 27% (am Joer 2021) vun de Recours'en redresséiert, an d'CSR huet 11% (am Joer 2020) respektiv 6% (am Joer 2021) vun de Recours'en annuléiert. D'Leit hunn also Recht kritt a kruten hire Chômage respektiv Revis erëm ausbezuelt. Dës Prozeduren hunn 2022 awer bis zu 6,5 Méint gedauert. Wat bedeit, dass d'Leit, déi näischt falsch gemaach haten, awer hu misste méintelaang ouni Geld auskommen. De viregten Aarbechtsminister huet erklärt, dass weider Leit, ënnert anerem am CSR, géifen agestallt ginn, fir d'Delaien ze verkierzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert eng nei Regierung op de Wee goen, fir wichteg Bréiwer vun der Adem oder dem FNS, wéi zum Beispill d'Festleeë vu Rendez-vousen, iwwert Moyene fort ze schécken, wou ee ka sécherstellen dass et ukomm ass? Zum Beispill duerch Avis de reception oder iwwert d'MyGuichet's App?

2. Wéi hunn d'Delaie bei de Recourse bis haut evaluéiert? Sinn d'Delaien an den Ae vun de Minister ze laang? Wa jo, wat fir weider Schrëtt wäerte geholl gi fir se ze kierzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune du ministre du Travail et du ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil à la question parlementaire n° 350 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen**

**Ad. 1**

Den FNS schéckt an der Reegel all seng Bréiwer per Recommandé. Dëst sinn ënner anerem all Typpe vun Entscheedungen déi geholl ginn an och d'Informatiounsbréiwer.

Déi Bréiwer mat enger Invitatioun op e Rendez-vous um FNS oder op der ADEM ginn och all per Recommandé verschéckt.

D'ADEM huet de Projet e-ADEM lancéiert fir, an Zesummenaarbecht mam CTIE, hir digital Struktur ze veränneren. An deem Kader gëtt och op MyGuichet en Espace ‚sectoriel' kreéiert fir d'Leit déi op der ADEM ageschriwwe sinn (myADEM), a wou dann och den Echange vun den Dokumenter mat de Clienten vun der ADEM ka stattfannen. An enger éischter Phas (Ufank 2025) wäert dat de Fall fir d'Chômeurs indemnisés sinn a spéider da fir all d'Demandeurs d'emploi.

**Ad. 2**

D'ADEM huet d'Period vum 1. November 2021 bis den 31. Januar 2022 mat den entspriechende Periode vun 2022/2023 an 2023/2024 verglach, fir esou aktuell wéi méiglech ze sinn.

An deene genannte Perioden ass den Delai vun der Introduktioun vum Recours bis hin zur Notifikatioun vun der Decisioun vun 152 Deeg iwwert 130 Deeg op aktuell 73 Deeg erofgaang.

Déi Moossnamen déi d'ADEM 2022 annoncéiert hat, droen also hir Friichten; d'Zil ass den Delai op 1,5 bis 2 Méint ze stabiliséieren.

Luxembourg, le 14 mars 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**